ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 19. August 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro (Artikel 84) un den Här Sportminister weiderzeleeden.

An der BGL-Liga hunn, no de rezente positiven Tester bei Spiller an och Membere vu Futtball-Clibb, eenzel Matcher misse verréckelt ginn, well déi Infizéiert a Quarantän gesat gi sinn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Gedenkt d'Regierung fir e Covid-19 Test, 48 Stonne virun all Match, obligatoresch ze maachen?
2. No wéi ville positive Fäll an enger Equipe muss dës , in globo, a Quarantän?
3. Gouf et dozou Gespréicher mat der FLF?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten